LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

Luxembourg, le 11-01-2016

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
11 JAN. 2016

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°1625 du 9 décembre 2015 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de la Sécurité Intérieure

Etienne SCHNEIDER

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg

martine.schmit@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84687
Fax (+352) 22 72 76

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

Äntwert vum Minister fir bannecht Sécherheet Etienne SCHNEIDER op d'parlamentarsch Fro no. 1625 vum 9.Dezember 2015 vum honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER.

*Wéi héich ass den autoriséierten Effektiv vun der groussherzoglecher Police?*

D 'Gesetz vum 31. Mee 1999 hat en maximalen Effektiv vun der groussherzoglecher Police vun 1393 fixéiert: 63 Cadres supérieurs, 1150 Inspekteren an 180 Brigardieren.

En Gesetz vum 22. Juli 2008 huet d 'maximal Effektiver eropgesat op 90 Cadres supérieurs, 1480 Inspekteren an 250 Brigardieren.

D 'Budgetsgesetz vum 29. Abrëll 2014 huet den maximalen Effectif vun de Brigardieren op 295 erhéicht.

*Wéi ass d 'Verhältnis, pro Carrière, tëschent dem autoriséierten an dem reellen Effektiv?*

D' groussherzoglech Police zielt aktuell 1801 Polizisten, dovunner 66 Cadres supérieurs, 1471 Inspekteren an 258 Brigardieren.

Donieft sinn nach eng Réi Polizisten an der Formatioun:

- 3 Stagiären vir de Cadre Supérieur bis den 1. September 2016 an 3 anerer bis den 1. September 2017;
- 40 Volontären am 2. Joer Formatioun vir d'Inspekteschkariär;
- 79 Volontären am 1. Joer Formatioun vir d'Inspekteschkariär;
- 11 Volontären an der Formatioun vir d'Brigadierskariär.

*Ginn déi aktuell Rekrutementer duer fir d 'Polizisten déi an d 'Pensioun ginn ze ersetzen an d 'Effektiver opzestocken? Wann neen, wat wëll d 'Regierung ënnerhuele fir dëse Rekrutement ze verbesseren?*

D 'Statistiken weisen datt am Prinzip just 50% vun de Polizisten direkt vun hirem Recht Gebrauch man, an d 'Pensioun ze goen.

Bis Enn 2017 hätten 5 Cadres supérieurs an 111 Inspekteren d 'Recht an d 'Pensioun ze goen. Deemno géifen déi Polizisten déi aktuell an der Formatioun sinn, just duergoen fir d 'Polizisten déi an d' Pensioun ginn ze ersetzen.

*Ass d 'Regierung der Meenung, datt dësen Effektiv duergeet oder soll en , am Liicht vun de rezenten Evenementer, erop gesat ginn?*

Vu d 'Evolutioun vun der Kriminalitéit huet d 'Regierung décidéiert bis d 'Joer 2018, 346 Polizisten anzestellen. Wann een d 'Départe en Retraite considéréiert, erlaabt des Moossnam eng netto Hausse vum Effektiv vun op mannst 50 Polizisten pro Joer.

Weider huet d 'Regierung och nach décidéiert vir progressiv 45 Zivilisten anzestellen vir d 'Polizisten vun den administrativen Aarbechten ze entlaaschten. Déi éischt 30 Ziviliste ginn schonn 2016 rekrutéiert.